N°558
Entrée le 24.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister op d'parlamentaresch Fro n° 558 vum 2. Abrëll 2024 vum Här Deputéierte Marc GOERGEN**

Wat de Gebrauch vun der Sprooch an de Sitzunge vum Gemengerot ugeet, gesäit den Alinéa 2 vum Artikel 14 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 folgend Dispositioun vir:

„La langue usuelle parlée au conseil communal est le luxembourgeois. Les conseillers peuvent s'exprimer également dans l'une des autres langues visées à l'article 3 de la loi du 24 février 1984 sur le régime des langues. Nul ne saurait toutefois demander une interprétation de la langue parlée ou une traduction des documents écrits présentés en une des langues visées par la loi précitée ou en toute autre langue. »

Wéi bei de Sitzunge vum Gemengerot ginn och d'Sitzunge vun de konsultative Kommissiounen op Lëtzebuergesch gehalen.

Eng oder méi Persounen, déi Schwieregkeeten hunn, sech op Lëtzebuergesch ze verstännegen, kënnen op de Gebrauch vun enger vun de Sproochen zeréckgräifen, esou wéi se am Artikel 3 vum uewe genannte Gesetz vum 24. Februar 1984 festgehale sinn.

Op eventuelle Wonsch vun enger oder méi Persounen kann sech eng konsultativ Kommissioun och reng an enger vun de Sprooche verstännegen, esou wei se am Gesetz vum 24. Februar 1984 virgesinn sinn. Dëst kann awer keng Obligatioun sinn, a sëtzt viraus, datt déi aner Memberen domadder d'Accord sinn.

Lëtzebuerg, den 24. Abrëll 2024
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden